

# déi Konservativ

## Pressematdeelung

13.02.2020

### **KENG SPUERKEESSE-SCHLÉISSUNGEN!**

D'Partei **déi Konservativ** deelt, mat dësem Schreiwes mat, datt si d'Kritik vum Konsumenteschutz ULC deelt, a sech veriergert weist, iwwert d'Annonce, datt 11 Spuerkeess-Agenceën virun der Schléissung oder Fusioun stoe sollen. Dës Initiativ ass fir eis keng Zukunftsstrategie, dëst ass eng biergerfriem Decisioun!

Duerch dës Moosnam, gi wichteg Bankestanduerter vun der Spuerkeess am Bankenetz am Land verluer, virun allem am ländleche Raum, an e.a och an der « Belle Etoile », an dat mat Disrespekt fir besonnesch, eeler Matbierger, Leit wou net esou mobil sinn - soit net gutt eenz gi mam Onlinebanking! Ëmsou méi erstaunlech ass dës Decisioun, am Wëssen, datt de Staat 100% Aktionär vun der BCEE ass, an de Staat d'Missioun huet, fir de beschte Service um Bierger a Client.

Eiser Iwwerzeugung no, mussen ëffentlech Ariichtungen, wéi d'Staatsbank a fir eis och d'Post, gutt lokaliséiert, accessibel an allëmfaassend, an als ëffentlech Déngschtleeschung, biergerfrëndlech a serviceorientéiert am Land verankert sinn – mir warne virum « vergläichbare » Schicksal vun der Spuerkeess, mat alle Konsequenzen an Nodeeler, wéi an Erfahrung mat der Postprivatiséierung!

Och wann d'Digitaliséierung, eng Rei Modernitéiten a Flexibilitéiten mat sech bréngt, esou soll dëst eng positiv « Erweiterung » vum Bankwiese sinn, mä kee Réckschrëtt am reellen Alldag vum Bierger! Dofir geet de Konservative vum Grondsaz aus, net all Errongenschaft fir d'Modernitéit op ze ginn, mä d'éischt ze hannerfroen an z'analyséieren, wéi a wou dëst, déi besser Léisung, an de reelle Virdeel ka sinn!

Do donieft, kritiséiert eis Partei och allgemeng d'Bankephilosophie, déi an eisen Aen, nieft dëser Hiobsbotschaft, och nach an der Kritik wéinst aneren Entscheidungen a Gedankengäng steet: zum Beispill d'Erhéijung vun de Bankfraisen, d'Ofschafung vum Boergeld, d'Kontroll vun de Banken beim, an iwwert den Einzelnen, d'Nullzënspolitik op EU Niveau, d'Eurowährungsolitik vun EZB & IWF, de Projet vun de Banken an Transfertunioun, asw., Reklamatiounen, déi eis Partei, repetitiv matdeelt.

D'Bankwiesen huet, hei zu Lëtzebuerg, hir berechtigt Plaz am System, fir den ekonomeschen a monetäre Fonctionnement an als Déngschtleeschung fir den Zuel, Kredit, a Kapitalverkéier, mä w.e.g, am Biergerinteressi. Dat ass eis als Partei, wichteg!

gezeechent, déi Konservativ